N°4139
Entrée le 26.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 26. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden:

„Zënter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 7. August 2023 iwwer d'„associations sans but lucratif et les fondations" si reegelméisseg Froe gestallt ginn, déi op d'Schwieregkeete vun ASBLen hiweisen, sech konform beim Registre de Commerce et des Sociétés (RCS) anzeschreiwen oder hir Dossieren unzepassen.

An der Ried zur Lag vun der Natioun huet de Premierminister Luc Frieden rezent ënnerstrach, datt d'Regierung mat allen Acteuren am Gespréich ass, fir d'administrativ Belaaschtung vun de Veräiner ze reduzéieren an d'Prozeduren nach eemol ze vereinfachen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Justizministesch follgend Froe stellen:

- Wéi vill Demandë vun ASBLen, déi sech am Kader vum Gesetz vum 7. August 2023 beweegen, sinn zanter sengem Akraafttriede vum RCS
  a) direkt accordéiert ginn,
  b) eemol refuséiert ginn,
  c) méi wéi eemol refuséiert ginn ?
- Kann d'Madamm Ministesch dës Donnéeën no Joer an no Typ vun Demande (z.B. Dépôt initial, Modification des statuts, Mise en conformité) opschlësselen ?
- Wat fir eng Richtlinnen oder Prozedure goufen zënter 2023 ugepasst, fir den Traitement vun ASBL-Dossieren ze vereinfachen oder ze beschleunegen ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Simone BEISSEL
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu